**Rencontre enrichissante entre les associations « Stëmm vun der Strooss » et « Aide à l'Enfance de l'Inde »**

A l'occasion de la venue d'une délégation Indienne au Luxembourg, les associations « Stëmm vun der Strooss » et « Aide à l'Enfance de l'Inde » se sont rencontrées lors du 12 mai 2015 à Luxembourg au sein de l'antenne locale de la « Stëmm ».

Les deux institutions ont pu échanger leur expérience en tant qu'acteur actif en Inde et au Luxembourg, notamment dans le domaine de l'intégration sociale et professionnelle des personnes défavorisées.

Malgré que la réalité des deux pays soit très différente, des inégalités existent et la problématique vécue par les sans-abris y est toute aussi importante.

Le groupe Indien, composée de deux adultes et de cinq étudiants, travaille en collaboration avec le partenaire Sakhi soutenu par Aide à l'Enfance de l'Inde. Sakhi promouvait le renforcement des capacités des populations marginalisées de la région minière du Karnataka dans le Sud de l'Inde, une région où l'exploitation des femmes et des enfants est un réel problème. Lors de la visite, le groupe a fortement apprécié la présentation des services de la Stëmm,

tels que le café-restaurant « Treffpunkt », le dispensaire médical gratuit « Dr Stëmm », le local de distribution gratuite de vêtements « Kleederstuff », l'atelier de buanderie qui propose aux clubs sportifs le nettoyage des vêtements de sport « Schweesdrëpps », ainsi que le Centre Post-Thérapeutique situé à Schoenfels. Les activités offertes par l'association luxembourgeoise montre à quel point leur rôle est fondamental dans le soutien des personnes exclues de la société, particulièrement pour les personnes sans logement, les demandeurs d'emploi, les ex-détenus, les personnes dépendantes de drogues, d'alcools ou de médicaments et celles atteintes de maladies psychiques.





# Interview

## mam Jill

### Stell dech w.e.g. kuerz vir.

Mäi Numm ass Jucken Jill, ech sinn Educatrice graduée a schaffe säit dem 1. September 2013 bei der Stëmm vun der Strooss. De Bachelor en sciences sociales et éducatives hunn ech op der uni.lu zu Walfer gemaach.

### Wéi bass du op d'Iddi komm, fir bei d'Stëmm vun der Strooss schaffen ze kommen?

Ech hu mech schonn ëmmer dofir interesséiert, am soziale Beräich ze schaffen, am Beräich vun der Réinsertion. Éischt Erfahrungen hunn ech engersäits duerch mäi Stage am Centre pénitentiaire zu Givenich gesammelt, wou ech mat Leit zesumme-geschafft hunn, déi inhaftéiert waren a mat deenen eng Réinsertion professionnelle esouwéi sociale no der Haftstrof huet musse virbereet ginn. Anerersäits duerch meng Aarbecht als Educatrice an der Wanteraktioun 2012, wou ech mat Leit zesumme-geschafft hunn, déi sech a schwierigen an a prekäre Liewenssituatiounen befannen. Do sinn ech och mat de Servicer vun der Stëmm a Verbindung komm, wouduerch mäin Interessi un der Aarbecht, déi hei geleescht gëtt, nach méi grouss ginn ass.

### Wouranner besteet deng Aarbecht a wat gefält dir am beschten?

Meng Aarbecht ass villfälteg. Et ass keen Dag ewéi deen aneren an dat mécht d'Aarbecht interessant a spannend. Ech soen ëmmer, meng Aarbecht ass an zwee gedeelt. Éischtens: D'Personen, déi hei an onse verschiddenen Ateliere schaffen an sech an enger Mesure de réinsertion professionnelle befannen, also d'AIPen (activité d'insertion professionnelle) ze encadréieren. Zu den Ziler gehéiert et éischtens, hinnen eng gewësse Stabilitéit am Liewen ze bidden andeems si entweder 40, 30 oder 20 Stonnen bei der Svds schaffe kënnen, an zweetens se op den éischten Aarbechtsmarché virbereeden, andeems se an eise Servicer wéi d'Kleederstoff, Duschen a Buanterie schaffen an hier hir Kompetenze verbessern oder erweideren kënnen. Moies këmmen ech mech ëm d'Organisatioun vun de Servicer, kucken, datt alles gutt verleeft. Ab 11.30 Auer, wa mir fir d'Clientèle vun dobaussen ophunn, do fänkt dann den zweeten Deel vu menger Aarbecht un. D'Aarbecht direkt um Terrain, no bei de Leit, déi a schwierigen a prekäre Liewenssituatiounen sinn, ze kucken an ze probéieren, hir primär Besoinen (ies-sen, drénken, Hygiène asw.) ofzedecken an hinnen Informatiounen ze ginn z.B. iwwer Iwwernuechtungsméiglechkeeten oder Aarbechtméiglechkeeten.

### Gesäist du dann och Fortschrëtt bei denger Clientèle?

Also et ass jo och esou, dass mir nidderschwellig Proposen ubidden. Eis Aarbecht besteet doranner, déi primär Besoine vun de Clienten ofzedecken. Si kommen heihinner fir z'iesse, fir eng Taass Kaffi kënnen ze drénken, si kommen, fir einfach ënnerteneen ze sinn an fir eng Plaz ze hunn, wou et waarm ass, fir ze duschen oder Kleeder ze froen. Si kënnen bei der Svds och Informatiounen iwwer Aarbechtsplazen, sozial Ënnerstützung, Schlofméiglechkeeten, asw. froen. De Moment ass et schwierig, op jiddereen individuell anzugeen, well mir all Dag bis zu 150-



200 Leit hunn, déi iesse kommen. Well mir keen individuelle Suivi mat de Client maachen, vermëttle mir si un aner sozial Institutiounen weider, wéi zum Beispill de Streetwork, d'Office socialen, de Foyer de nuit, asw...

### An de leschte Jore komme jo ëmmer méi Leit aus dem Osten op Lëtzebuerg, ass Lëtzebuerg éischer eng Tëschestatioun oder bleiwen d'Leit hei am Land?

Wann een elo iwwert de Wanter kuckt, géing ech soen, dass vill Leit heihinner komme weinst der Wanteraktioun, well et a verschiddenen anere Länner esou Méiglechkeeten net ginn. Si kommen heihinner, fir de Wanter ze iwwerbrécken vu datt et an hire Länner ze kal ass an et keng esou sozial Ënnerstützung ginn ewéi zu Lëtzebuerg. Fir déi meescht ass dat effektiv eng Iwwergangsphas. Si probéieren, sech a frieme Länner eng nei Existenz opzebauen, stellen fest, dass dat net esou einfach ass wéi gemengt, da gi se weider a probéieren et an engem aneren Land.

Verschidde Leit bleiwen zu Lëtzebuerg, well se eng Aarbecht an eng Wunneng fonnt hunn a sech doduerch eng nei Liewensexistenz opbauen konnten. Anerer zitt et awer weider a méi südlech Länner, wou et méi waarm ass. Verschidde ginn och erëm an hirt Heemechtsland zeréck.

### Hues du nach d'Zäite vun der Stëmm zu Bouneweg materlieft?

Ech hunn den 1. September 2013 zu Bouneweg ugefaangen an den 13. November 2013 si mir op Hollerech geplënnert. Ech hunn am Fong d'Plënnphas matgemaach.

### Wat ass den Ënnerschied zwësche Bouneweg an Hollerech?

D'Populatioun vun eiser Clientèle huet sech duerch d'Verlagerung vum Quartier geännert. Zu Bouneweg hate mir méi Leit als „Stammclient“, ech soen dat elo entre parenthèse. Et ware Leit aus der Géigend, déi ëfters laanscht komm sinn. Säitdem sech onst Gebai verlagert huet a mir an de Garer Quartier komm sinn, wou och vill méi sozial Servicer ronderëm sinn, huet d'ëscht eng méi jonk Populatioun mat enger anerer Problematik mat sech bruecht. Ausserdem waren ons Raimlechkeeten zu Bouneweg och vill méi kleng et war eng méi familiär Atmosphär. Hei zu Hollerech ass et méi grouss a méi modern. Duerch de Kontakt 28, de Streetwork an all déi Berodungsstellen, wou hei an der Géigend sinn, ass dat heite besser ze fannen. Et ass déi aner Säit vum Fonds National, wouduerch dann och erëm méi Leit heihinner kommen. Zu Bouneweg war d'Stëmm méi verstoppt, elo si mir méi zentral geleeën a Lëtzebuerg ass kleng, dat schwätzt sech schnell ënnert der Clientèle erëm. Eis Clientèle kennen sech ënnerteneen, do gëtt

da Reklamm gemaach, wou ee kann higoe fir Hëllef ze kréien. Hei hu mir och aner Méiglechkeete fir ze schaffen, mir hunn nei Ateliere, déi mer kënnen ubidden, eng Buanterie, Duschen, mir hunn eng grouss Kleederstoff, asw...

### Wann s du elo mat denger Clientèle schafft, an du kriss d'Leed vun de Leit mat, wéi gees du domadder ëm? Gees du owes mat de Suergen heem oder wéi méchs du dat?

Et mierkt ee vun Ufank un, ob ee fir de Beruff mat esou enger Population ciblé gemaach ass oder net. An der Ausbildung mécht een eng bestëmmt Unzuel vu Stagen, wou ee léiert mat schwierigen an traurege Situationen ëmzegoen an wéi een et net ze no un sech eruléisst. Heiansdo huet een och Situatiounen vu Clienten, déi ee méi beschäftegen an déi engem méi noginn, mee do muss ee seng emotional Grenzen zéien a seng professionell Distanz bäibehalen. Bei mir ass et esou, wann ech owes heemginn, denken ech net méi dorunner, wann ech mech elo op all Situatioun emotional géif aloossen, da géif ech dat, mat 150-200 Leit den Dag mat esou ville verschidde Problematiken, iergendwann net méi packen.

### Kéint een nach iergendeppes verbessern? A wa jo, wat wier dat?

Mir sinn ëmmer am Gaang derbäzeléieren, fir eis selwer an d'Servicer weiderzuentwickelen. Mir probéieren, d'Servicer méi op de Clienten hir Besoinen ze fokusséieren. An der Buanterie zum Beispill probéiere mir Methoden aus, wéi et am Beschte funktionéiere kann, fir méi Zäit ze gewinnen, fir dass d'Clienten net ze laang op hir Wäsch musse waarden. D'Kleederstoff ass och a steeteger Entwécklung. De soziale Beräich ass souwiesou en Domaine, deen ouni stänneg Verännerungen, Entwécklungen an Upassungen net existéiere kéint, well d'Mënscheet sech jo och permanent weiderentwickelt.

### Et si jo vill Leit, wou heihinner kommen, an déi elo vun ärer Säit vill gehollef kréien. Kritt een dann och emol ee Feedback vun de Leit zréck, dass Leit z.B. soen, ech si frou, dass et dat heite gëtt oder dass d'Personal hei ee gudden Job mécht?

Do muss ech soen, dass de positive Feedback oft vu bausse kënnert. Et ruffe vill Leit un, déi zum Beispill wëlle Kleeder spenden, well si gutt fannen, wat mir fir déi aarm Leit maachen. Vill Leit wëssen net, dass et Aarmut och hei zu Lëtzebuerg gëtt, an da sinn se frou, wann si e puer Informatiounen kréien a wëssen, dass hir Kleeder direkt „un de Mann“ kommen. Duerch d'Effentlechkeetsaarbecht an den Medien sinn d'Leit och vill méi oppen an interesséiert un eiser Aarbecht an un den schwierigen Liewenssituatiounen vun eiser Clientèle. Natierlech ginn et och vill Clienten, déi eis

Merci soen, dass mir en oppent Ouer fir si haten an hunn, oder well mir hinnen mat CVe gehollef hunn oder gehollef hunn, eng Aarbecht oder eng Wunneng ze fannen.

### Wéi ass dat z.B., wann s du esou vill Clientèle hues, a Leit brauchen d'Ämter z.B., de Fonds-National, d'Arbeitsamt, d'Sozialamt? Schaffen déi ënnerteneen zesammen an och mat der Stëmm vun der Strooss oder sinn déi méi ënnert sech?

Ech schaffen oft mat Assistant sociaux vum SNAS, SRAS, den Offices sociaux an der Ligue médico sociale zesammen, wéinst deenen Leit, déi bei eis an enger Activité d'insertion professionnelle schaffen. Regelméisseg fannen Gespräicher tëschent dem responsables Assistant social, dem ATI a mir statt, fir eng Evaluatioun, en Bilan vun der Aarbecht vun der Persoun ze maachen. Am Beräich vun eiser Clientèle vu mëtten orientéiert a schafft d'Charlotte, eis Assistante sociale, méi mat deenen uewe genannte Servicer zesammen. Ech schaffen éischer mam Streetwork, de Prisongen an de Spideeler zesammen, wa Leit Kleeder brauchen a keen do ass, dee Kleeder kéint bréngen.

### Wéi gesäist du d'Entwécklung vun der Aarmut hei zu Lëtzebuerg?

Wann ee gesäit, wéi d'Entwécklung hei am Land ass, wéi d'Präisser an d'Luucht ginn, d'Loyeren erop gesat ginn, wann et ëmmer méi schwierig gëtt, fir Aarbecht ze fannen, da gesäit et schonn no enger Augmentatioun aus. Verschidde Leit packen et, aus der Aarmut erauszekommen, mä et falen och ëmmer erëm Leit dran. Et ass ëmmer erschreckend, wéi schnell dat goe kann. Et gi Leit, déi eng Aarbecht haten, eng Adress haten, wou eng regelméisseg Pai erakomm ass an op eemol ass dat, aus wéi enge Grënn och ëmmer, net méi de Fall. D'Nationalitéit spillt och eng grouss Roll. Et sinn och Leit hei, déi keng sozial Rechter zu Lëtzebuerg hunn. Si probéieren hei Fouss ze faassen, wat awer net ëmmer méiglech ass, well si ebe kee Recht op finanziell Ënnerstützung hunn. Deement-sprechend hu si och kee Recht, fir an e Foyer eranzekommen, fir iergendwou ze iwwernuechten, an no enger gewëssener Zäit zéien si dann erëm weider an aner Länner. Et muss een och kucken, wéi een Aarmut definéiert. Ech hat virun enger Zäit mat engem Mann an der Epicerie sociale geschwat, ech zitieren dat oft, well et mech impressionéiert huet. Wéi definéiert een Aarmut? Hie sot, dass jiddereen dat fir sech selwer definéiert. Hie wier net aarm, well en all seng Kierperdeeler nach hätt, e geséich, e wär gesond an och, wann en net vill Geld an kee grouse Luxus besëtze géing, kéint hien sech trotzdem net als aarm bezeichnen.



# Mein Freund der Obdachlose

... FORTSETZUNG

Emile senkte traurig den Kopf, die Mutter legte beide Arme um die Schultern ihres Kindes und beide hingen ihren Gedanken nach. Der nächste Tag verlief wie immer, nur die Stimmung war gedrückt. Am Mittag ging Emile in den Park und wurde schon von Pit sehnsüchtig erwartet.

dieses Mannes, einem der nicht mehr besaß als das was in eine Tüte passt, da kamen auch bei Emile die Tränen.

„Pit, wenn ich erwachsen bin und ein Haus besitze, dann wirst du bei mir einziehen.“ Ein älterer Herr und ein Jüngling mochten einander, beide hatten ein gutes Herz, sie ahnten nicht, was das Leben noch alles bringen sollte, als Pit sich gefangen hatte,

Auf so lange Zeit krank geschrieben, verlor ich meine Arbeit, meine Kraft und Ausdauer, mein ganzer Sinn fürs Leben ging mit verloren, wo sollte ich hin? Niemand hat in all den Jahren nach mir gefragt, ich lebte nur noch im Gedenken an mein geliebtes Kind, bis du in mein Leben tratest. Du kamst und hast dich einfach neben mich gesetzt und drauf los geredet. Es störte nicht wie ich aussah, Bart, strähniges Haar, keine schicke Kleidung und eine Plastiktüte neben mir.“

Da war es sehr still auf der Bank im Park geworden, bis es dunkelte. Nun sprang Emile auf.

„Ich muss schnell nach Hause, bis morgen.“ Zu Hause wurde er vom Vater erwartet, es war ja spät geworden.

Pit und Emile hatten die Zeit verträumt. Als Emile das strenge Gesicht des Vaters sah, da kamen ihm wieder die Tränen. Er wollte doch beide, den Vater und den väterlichen Freund.

„Bitte Vater, ich musste doch zu dem armen Mann, seine Geschichte vom Leben hören, sei bitte nicht böse.“

Mutter fragte: „War es traurig, was er weiter erzählte?“

Emile erzählte. Man lauschte seinen Worten, Emile wurde nicht unterbrochen. Als er geendet hatte, sagte der Vater: „So schnell landet man auf der Straße, schrecklich. War ich so verblendet, immer und überall alles in einen Topf zu werfen. Mutter, wen du im Obdachlosenheim bist, dann frag mal ob sie nicht jemanden brauchen um Tischlerarbeiten zu machen, ich bin doch ein guter Schreiner. Und du Emile, lerne mit diesem Pit und wenn du 16 bist, dann unterlass es bei mir zu betteln, nur einmal mit dem Auto um den Block zu fahren. Ich werde bestimmt nie „ja“ sagen.“

Da mussten sie doch alle lachen. Emile stand auf und umarmte seinen Vater.

Mutter sagte: „Ich habe doch den richtigen Mann geheiratet.“



„Pit, es tut mir leid wegen gestern.“ Pit sah Emile an.

„Es ist nichts, Junge. Sieh mich an.“

„Was ist denn, Pit?“

Da umarmte Pit den Jungen und sprach: „Emile, mein Junge, ich habe dich liebevoll gewonnen, so wie ich meinen Sohn liebte, mehr kann ich dir nicht geben. Jedoch, ich will mit dir lernen, aus dir soll was Tüchtiges werden, aber bleibe immer auf dem Boden der Tatsachen, dass es dir nicht ergeht wie mir.“

Emile spürte im Herzen die Güte und Liebe

erzählte er weiter seine Geschichte.

„Unser Sohn, unser geliebter Sohn war auf der Stelle tot. Ich hatte mehrere Brüche davongetragen und verbrachte mehrere Monate in der Klinik, doch schlimmer waren für mich die seelischen Schmerzen. Mein Kind, mein Alles war gestorben durch meine Schuld. Ich wartete darauf, dass meine Frau zu mir kommt, doch ich wartete vergebens, ich war abgeschrieben, ich war ja ein Mörder, auch von den Freunden meldete sich niemand, ich war allein. Ich hatte meinen Sohn in den Tod geschickt, ich der Hallodri.

Im Obdachlosenheim wurden die Eltern freudig begrüßt, es haperte an allen Ecken mit der Hilfe, da es an Geld mangelte. Beide suchten auch das Gespräch mit den Menschen der Straße, die auch mal unter Brücken schliefen und die all ihr Hab und Gut mit sich schleppten, sie besaßen ja nichts als nur mal ein zweites Hemd und Unterwäsche und für den Winter einen abgetragenen Pullover, eine Kappe und einen Schal. Dann begreift man so manches, da hört man so manches Schicksal, auch von dem eigenen Starrsinn junger Menschen, die aufbegehren und die finden dann den Weg nicht mehr zurück, sie sind dankbar für jedes liebe Wort, sonst fühlen sie sich ausgestoßen von der Welt. Gott ist für alle gestorben. Zurück zu Emile und Pit. Beide trafen sich täglich im Park auf ihrer Bank und es wurde fleißig gelernt, im Winter war Pit bei Emile zuhause, seine Eltern wollten damit ihren Dank ausdrücken für das, was Pit für Emile tat. Es hatte sich so etwas wie Freundschaft entwickelt zwischen Pit und dem Ehepaar. Sie beschlossen den Obdachlosen Pit ganz in ihr Haus aufzunehmen und da geschah das Wunder. Pit bekam wieder Energie, Kraft und Tatendrang überfielen ihn. Ich habe eine Hausnummer, dann suche ich mir Arbeit, ich habe einen zweiten Sohn mit Namen Emile, ich liebe wieder jemanden. Welcher Heilige hat mir nochmal soviel Glück geschenkt, ich kann es kaum glauben, das alles hat Emile mit seinem guten Herzen vollbracht. Ich werde da sein, für diese kleine Familie und sie lieben bis an mein Lebensende. Mit Pit war das Glück in das Haus eingezogen. Emile lernte fleißig weiter und als er erwachsen war, ward er ein angesehener Mann, er engagierte sich stets für die Armen, tat viel Gutes und arbeitete im Dienste der Nächstenliebe.

K. Lens-Beßen

# Interview

**mam Gilles**



Je m'appelle Gilles, j'ai 35 ans, je travaille depuis 2010 pour l'organisation de la « Stémm vun der Strooss ». En 2010, j'ai commencé comme cuisiner. J'ai aidé à préparer le manger pour 140 personnes par jour dans l'ancien foyer de jour qui se situe à Bonnevoie, le siège de l'organisation ainsi que le « Stémm Caddy ».

Depuis 2012 jusqu'à ce jour, j'occupe le poste d'agent administratif. Mon travail c'est de m'occuper des appels téléphoniques, de faire certains courriers pour mes supérieurs, de remettre tous les soirs le courrier à la boîte aux lettres, de m'occuper des équipements informatiques (copieurs, imprimantes) mais aussi de petites interventions sur les ordinateurs du personnel et bien d'autres.

Moi en personne j'aime bien y travailler et mettre mon savoir au profit de l'organisation.

Zeckie ;)



# Unsere Küche

Seit der Gründung der Stämm vun der Strooss ist die Anzahl der Bedürftigen ständig gestiegen und somit haben unsere Räumlichkeiten den Bedarf nicht mehr gedeckt. Vor allem die 5 Arbeiter in der kleinen Küche in Bonnevoie hatten es schwer, immer mehr Leute zu bekochen. Mit dem Umzug nach Hollerich hat sich die Stämm vergrößert, auch die Küche hat wesentlich an Volumen gewonnen. Die professionelle Ausstattung hat die Arbeit erleichtert und alle waren zufrieden, bis auf unseren Küchenchef Thilo. Seiner Meinung nach, entspricht unsere Küche nicht den Anforderungen, die wir haben. Es sei keine Profiküche und es fehlen noch viele Geräte, wie z.B. Kombidämpfer, mehr Gasbrenner, Vakuuier, größere Frittiergeräte und vieles mehr. Technisch gesehen sieht es so aus wie ein 7,5-Tonnen Lastwagen mit 50 PS! Das ist natürlich die Meinung eines Profikochs, der schon seit 33 Jahren in vielen professionellen Küchen seine Kochkünste bewiesen hat. Eins ist aber nicht zu leugnen: Trotz der nicht perfekt ausgestatteten Küche zaubert uns Thilo jeden Tag ein hervorragendes Essen. Auch wenn es vielleicht nicht immer dem individuellen Ernährungsplan eines jeden Klienten entspricht.

Die Liebe zum Kochen bekam Thilo von seinem Vater, der selbst Koch werden wollte, aber damals war es kein richtig anerkannter Beruf und das hat ihn gezwungen, auf seinen Traum zu verzichten. Somit hat sich unser Koch bereits mit 12 Jahren entschieden, den Traum seines Vaters zu übernehmen. Mit 15 arbeitete er schon in einem Hotelrestaurant, um zu sehen ob diese Arbeit ihm weiterhin Spaß macht. Als 17-jähriger hat er festgestellt, dass die Liebe zum

Kochen nicht nachgelassen hat, also hat Thilo beschlossen, eine Ausbildung zu machen. Seitdem ist er ununterbrochen in der Gastronomie tätig, aber nach 30 Jahren machten ihm diese für Gastronomie spezifische Arbeitszeiten zu schaffen. Demzufolge die logische Alternative war die Stämm, wo man nur morgens und nie am Wochenenden kochen muss. Auf diese Weise haben wir Thilo als unseren Chefkoch gewonnen.

Die Aufgaben des Küchenchefs begrenzen sich nicht nur aufs Kochen. Jeden Tag beginnt mit der Aufgabenverteilung an die 6 bis 10 Küchenarbeiter. Zu diesen Aufgaben gehören: Kartoffeln und Gemüse schälen, Fleisch braten, Salat machen, Suppe kochen, Geschirr spülen usw. Das Spülen ist am wenigsten beliebte Tätigkeit und wegen vielen Streitereien musste der Boss bestimmen, dass jeder 6 Mal im Monat spülen soll. Seitdem sind die Reibungen verschwunden und die Arbeit geht mit mehr oder weniger Begeisterung weiter. Während seine Mitarbeiter in ihren Aufgaben vertieft sind, geht Thilo zu seinem Büro, wo er sich seinen weiteren Pflichten widmen kann. Das Wochenmenü zu kreieren und die entsprechenden Bestellungen zu machen ist ziemlich zeitaufwendig, dabei muss der Küchenchef jeden Tag mit überraschenden Spenden von Stämm Caddy rechnen. Jeden Tag bekommen wir frische Lebensmittel, die wir möglichst schnell verarbeiten müssen. Dank diesen Lieferungen können wir täglich eine frische Suppe genießen, frisch gepresste Säfte trinken und immer wieder neue Soßen uns schmecken lassen. Außerdem fast jeden Tag gibt es frisch zubereitete Sandwichs und gelegentlich Nahrungspäckchen vom Auchan. Das alles muss das

Küchenpersonal an die Kunden verteilen. Die traurige Tatsache ist, dass manche Kunden wissen es nicht zu schätzen. Sie nehmen gerne diese Nahrungspäckchen, um sie später einfach in den Mülleimer zu schmeißen!

Unser Speiseraum bietet Platz für 60 Leute, dazu stehen noch draußen Tische und Stühle für 40 Personen. Im Vergleich zu Bonnevoie ist es zweimal so viel und dazu noch viel geräumiger. Im Winter kann es Vorkommen dass wir bis zu 300 Mittagessen servieren. Durchschnittlich besuchen 150 Menschen pro Tag die Stämm in Hollerich. Manchmal reicht das Essen dann doch nicht aus, aber weil es unser Ziel ist, keinen Kunden hungern zu lassen, wird zusätzlich auf die Schnelle eine neue Mahlzeit präpariert. Wenn dagegen etwas übrig bleibt, wird dies ab 14 Uhr portionsweise in Aluminiumschalen verpackt und zum Mitnehmen angeboten oder am nächsten Tag verwendet. Auf diese Weise werfen wir so gut wie nichts weg.

Für ein komplettes Mittagessen bei der Stämm zahlen die Kunden nur 50 Cents – in Wirklichkeit kostet es achtmal so viel. Das Budget vom Ministerium beträgt 4 € pro Person pro Tag und der Küchenchef muss sich viel Mühe geben, um diesen Limit nicht zu überschreiten. Zum Schluss möchte ich im Namen von allen Mitarbeitern der Stämm vun der Strooss ein Dankeschön an das Küchenpersonal sagen. Ohne eure Mühe, die bedauerliche Weise nicht jeder zu schätzen weiß, wurden viele Leute Hunger leiden.

eLKa



# Interview mam Christiane aus der Botzequipe



Mäin Numm ass Weber Christiane an ech sinn eleng erziend Mamm vun 3 Kanner. Ugefaange bei der Stämm hunn ech am Februar 2014. Ech sinn an der Botzequipe, wou mir zu 5 Leit zoustänneg sinn, dat ganz Gebai propper ze halen. Duerch mäi Wonsch, erëm an engem soziale Beräich ze schaffen, sinn ech do op d'Stämm komm. Och wann eis Aarbecht heiansdo ustrengend ass, gefällt meng Aarbecht mir ganz gutt. Grad esou wéi d'Zusammenaarbecht mat all mengen Aarbechtskollegen ass ganz flott. Mir verstinn ons ganz gutt an et gëtt ëmmer eppes ze laachen.

Zeckie ;)



# D'Redaktioun vun der Stëmm vun der Strooss

*An dësem Artikel versichen ech Iech den Redaktiouns Atelier vun der Stëmm vun der Strooss méi am Detail ze erklären. D'Redaktiounsequipe besteet zur Zäit aus 9 Persounen déi am Kader vum RMG eng AIP, also eng « activité d'insertion professionnelle » bei eis maachen. Nieft dësen festugestallten, hunn mer zur Zäit och nach 2 Benevol Persounen bei eis schaffen. Benevol sinn, bei der Zeitung vun der Stëmm vun der Strooss heescht, dass een fräiwëlleg un der Gestaltung vun der Zeitung matschafft. Fir dës fräiwëlleg Aarbecht kritt een dann 50 Euro den Mount, en gratis Busticket an et kann een fir näischt an den Restaurant'en vun der Stëmm iessen. D'Haaptiddi hannert esou engem Benevolat ass et awer, dass d'Leit eng Beschäftigung iwwert den Dag hunn an sech sënnvoll betätigen.*



## Zu ménger Persoun:

Mäin Numm ass Michel Hoffmann an ech schaffen säit elo bal 3 Joer bei der Stëmm vun der Strooss. Vun Formatioun hier, sinn ech Diplom Pädagog. Erziehungswissenschaften hunn ech op der Universität Innsbruck an Eisterraich studéiert.

Ugefaangen hunn ech nach zu Bouneweg, wou ech Responsabel fir den Treffpunkt war. Am September 2013 hunn ech dann den Posten vum Chefredakter vun der Redaktioun ugeholl. Dëst op Basis vun 20 Stonnen d'Woch. Déi aner 20 Stonnen hunn ech

um Projet «Stëmm Caddy» als Educateur gradué matgeschafft. Mëttlerweil ass et esou, dass ech aus organisatoresche Grënn 40 Stonnen zu Hollerech schaffen. 20 Stonnen Diplom Pädagog fir d'Redaktioun, 20 Stonnen Educateur gradué wou ech zesummen mam Jill fir den ganzen Funktionnement vum Treffpunkt zoustänneg sinn.

## Wéi entsteet dann elo eng Zeitung ?

D'Redaktioun vun der Stëmm bréngt 5 Zeitungen d'Joer eraus. Matt erschéngen vun dëser Zeitung sinn mer well bei der Zeitung N° 83. Do gëtt et net ëmmer einfach fir en Thema ze fannen. Mee bis elo sinn eis d'Iddien nach net ausgaangen an mer hunn nach en puer Themen am Kapp déi mer behandelen wëllen. Thema vun der jeeweileger Zeitung gëtt an enger Redaktiounsversammlung festgeluecht. Jiddereen huet sech Gedanken ze maachen, wat fir en Thema mer behandelen këinten, an dann gëtt an der Versammlung ofgestëmmt matt wat mir eis beschäftegen. Fir déi Woch drop hätt ech dann gären en Konzept vun der Redaktiounsequipe wien sech matt wat ausernaner setzt. Meng Aufgab als Chefredakter ass et d'Leit an hirem ganzen Schreiwprozess ze ënnerstëtzen. Schreiw eng Persoun elo iwwert e gewëssent Thema, sou ass et un hir all d'Informatiounen zesummen ze sichen fir en Artikel op d'Blatt ze kréien. Soll en Interview matt engem Expert ze engem Thema gefouert ginn, ass et um Redakter fir dësen Interview matt der jeeweileger Persoun ze organiséieren. All Redakter ass dann och nach dofir zoustänneg säin Artikel mat enger Foto ze ënnersträchen. All Donneschden um 13h00 ass dann Redak-



tionsversammlung wou mer zesummen kucken, wou mer matt der Zeitung drun sinn an wat nach gemaach muss ginn. Des Redaktiounsversammlung ass op fir jiddereen. Dat heescht, wann Dir eppes wëllt zu eiser Zeitung bäidroen kënt der einfach emol Donneschdes an eis Versammlung luusse kommen. Zensur maachen ech esou gutt wéi keng. Dat eenzegt wat muss agehalen ginn ass:

— Keng rassistesch Aussoen

— Respektéieren vun sexueller Orientéierung an Religionszugehørekeet

Hunn ech Texter an Interview'en dann eng kéier alleguerten beieneen, geet et drëms déi ze verbesseren an och gegebenefalls ze kieren.

Duerno, kréien eis Interviewpartner Texter per mail zeréckgeschéckt, fir eng kéier driwwer ze liesen an gegebenefalls ze korrigéieren falls mer eppes falsch interpretéiert hunn.

Beim Verbesseren vun den Lëtzebuergeschen Texter sinn ech ganz frou, op d'Christiane Ehlinger an Sonia Thewes kënnen zeréck ze graffen. Ouni des 2 Expert'en an der Lëtzebuergescher Sprooch kéint d'Zeitung quasi net op Lëtzebuergesch produzéiert ginn, well den «spellchecker.lu» geet bei wäitem net duer. Op dëser Plaatz well ech deenen 2 nach eng kéier Merci soen fir déi Stonnen an Stonnen déi si an d'Verbesseren vun den lëtzebuergeschen Texter stiechen.

Sinn Texter dann gekierzt, verbessert an matt Fotoen ënnermauert, huelen ech Kontakt mat eisem Grafiker, dem Oliver op. Den Oliver schafft fir d'Thelen Werbeagentur vun Tréier, déi fir den Layout vun eiser Zeitung zoustänneg sinn ([www.thelen-werbeagentur.de](http://www.thelen-werbeagentur.de)). Den Oliver huet en Talent dofir, eis Iddien, sou komesch se och heiansdo sinn, an d'Realitéit ëmzesetzen. Ass dëst gemaach, schéckt den Oliver mer eng éischt Versioun vun der Zeitung an ech kucken zesummen matt der Redaktioun driwwer fir och den leschten Fehler zefannen. Heiansdo kennt et eis dann awer och fir, dass mer Fehler iwwersinn, mee an wéi enger grousser Dageszeitung fënnt een schon keng ?

Den nächsten Schratt am Prozess vun der Zeitung, ass, dass den Conseil d'administration vun der Stëmm vun der Strooss sech d'Recht virbehält, iir se an den Drock kennt, d'Zeitung eng kéier duerch ze liesen an mir gegebenefalls Korrektiounen duerchzegein, falls ech d'Richtlinien vun der Stëmm eventuell net respektéiert hätt. Bis elo ass dat awer nach net geschitt.

Kréien ech bannen 3 Deeg keen Uruff vum Conseil d'administration, heescht dat dass alles an der Rei ass, an dann ruffen ech dem Här Felten vun «weprint» eiser Dréckerei un. Dësen kann sech dann Drockdaten vun eisem Server eroflueden an no enger Woch hunn mer d'Zeitung dann och bei eis am Haus.

Dat éischt wat mer maachen, wann d'Zeitung am Haus ass, ass d'Adressen vun eisen Abonnenten drop ze pechen an op d'Post ze féieren. Zum aktuellen Zäitpunkt, sinn 2013 Persounen op eis Zeitung abonéiert. 2000 ginn am Grand Duché verschéckt, 13 ginn uersichert d'Welt. Duerno fänkt dann d'Redaktiounsequipe un



d'Zeitung an den diversen Administratiounen, Schoulen, Office socialen, Restaurant'en ... ze verdeelen. Momentan ginn 3600 Zeitungen op 311 Adressen am Land vun eis ausgedeelt.

**Wat ass d'Ziel vun dëser Zeitung ?**

Den But vun dëser Zeitung ass et, Mënschen déi sech an enger prekärer Liewenssituatioun befannen, wéi zum Beispill Obdachlosen, Drogenohängegen, Mënschen ouni Pabeieren, Mënschen ouni iergendwellech sozial Rechter hei am Land eng Stëmm ze ginn. Jiddereen deen gewellt ass eppes zu engem Thema ze schreiwen ass wëllkomm. Den aneren Volet vun menger Aarbecht an der Funktioun vum Diplom Pädagog ass den pädagogeschen Suivi vun den Memberen vun der Redaktioun. Jiddereen huet säin perséinlechen Projet, deen mer zesummen probéieren ze realiséieren.

Wat net Ziel ass, ass en perfekten Journalismus op d'Blat ze bréngen. Et geet drëm, dass jiddereen deen eppes ze soen huet dëst och an eiser Zeitung kann maachen. Dat well awer net heeschen, dass mer keen Wäert op Qualitéit leen. Vill Stroossenzeitungen uerschter d'Welt ginn reng vun Journalisten bedriwwen. Mer hunn eis dofir decidéiert, dass mer een aner Wee ginn, an reng déi Concernéiert schreiwen loossen. Et muss een net liesen an schreiwen kennen, fir bei eis matt ze schaffen. Et muss en just eppes ze soen hunn. Bis elo krute mer nach alles op Pabeier.

**Wou kritt een Zeitung ?**

Sidd Dir elo, léif Lieser drun interesséiert, d'Zeitung ze abonnéieren, kuckt einfach op di leschte Säit. Do stinn all néideg Informatiounen. Hätt Dir gär, dass mer lech eng gewëssen Unzuel un Zeitungen (5; 10 ; 15 ; 20) gratis an Är Institutioun, Betrib, Veräin liwweren, sou schreift mer einfach eng e-mail (m.hoffmann@stemmvunderstrooss.com)

Dir sidd awer och Wëllkomm einfach mol eng kéier an der Stëmm laanscht ze kommen, eng Taass Kaffi ze drénken e bëssi ze poteren an lech einfach eng Zeitung matzehuelen. Si léit ëmmer am Treffpunkt aus.

Hutt der vläit eng kéier en Exemplaire verpasst, sou kennt Dir lech natierlech och bei mer mellen. Mer hunn nach vun bal all Zeitung e puer Exemplairen iwwreg déi mer natierlech gratis zur Verfügung stellen.

Misch

Ech sinn d'Cocon, sinn 33 Joer al a sinn eng elengerzéiend Mamm a schaffe säit dem 02.01.2009 bei der Stëmm vun der Strooss an der Redaktioun. Wou ech deemools bei der Stëmm ugefangen hunn, hu mir Texter geschriwwen, Interviewe gemaach, Fotoe gemaach a mir hu Flyeren an d'Stëmm-Zeitung ausgedeelt. Eis Interview-Partner huet deemools eis Cheffin organiséiert. Haut, 2015, schreiw mir eis Artikelen, mir maache Fotoe fir bei d'Artikelen, mir maachen eis Interviewe selwer, mussen se och organiséieren, Rendez-vousen huelen, asw. Mir maache méttlerweil alles selwer, ausser verschidde Verbesserungen, déi ginn haut wéi deemools och, vum Christiane Ehlinger a Sonia Thewes gemaach. Mir droen awer keng Flyere méi aus. D'Redaktioun ass elo méi grouss wéi deemools. Ech schaffe gär an der Redaktioun, et ass interessant, et léiert ee vill, et gëtt ee villes gewuer an mir léiere vill verschidde Leit kennen.

Cocon




Mein Name ist Serge, ich arbeite seit 2013 in der Redaktion bei der Stëmm vun der Strooss. Unsere Arbeit besteht daraus, alle 3 Monate eine neue Zeitung „Stëmm vun der Strooss“ herauszubringen. Die Zeitung wird von der Redaktionsequipe bis auf den Druck selbst gestaltet, das heißt Interviews, Texte, Fotos... usw. machen wir in eigener Regie. Meine Arbeit hier gefällt mir sehr gut, dank der guten Redaktion Equipe die wir haben. :))

Zecki







**OPGEPASST**  
op falsch Kollekten a falsch  
«Mataarbechter»

**ATTENTION**  
aux fausses collectes au profit  
de la Stëmm vun der Strooss

D'Stëmm vun der Strooss deelt mat, dass si nach ni an och ni wäert Leit schécken, fir an hirem Numm Zeitungen ze verkafe oder einfach Suen opzehiewen.

Wann also ee bei iech doheem schellt a seet, hie wär e Mataarbechter vun der Stëmm vun der Strooss, gitt him w.e.g. keng Suen a sot der Police Bescheed.

L'association Stëmm vun der Strooss n'a jamais donné comme mission à ses bénéficiaires de faire du porte à porte en vue de collecter des fonds.

Si un jour une personne se présente chez vous pour vous demander de faire un don au profit de notre association, ne lui donnez rien et contactez immédiatement la police.

\*\*\*\*\*

**DR STÈMM CONSULTATIONS MÉDICALES GRATUITES**

Consultations médicales gratuites une fois par semaine le mercredi après-midi dans les locaux de la Stëmm vun der Strooss, 7, Rue de la Fonderie, L-1531 Luxembourg. Renseignements supplémentaires au numéro: 49 02 60

Gratis medizinische Behandlung jeden Mittwoch Nachmittag in den Räumlichkeiten der Stëmm vun der Strooss, 7, Rue de la Fonderie, L-1531 Luxembourg. Zusätzliche Auskünfte unter der Nummer: 49 02 60





# Interview

## mam Ausseminister Jean Asselborn

### Wat fir eng Rechter huet en Demandeur d'asile?

Wann ee mech freet, huet en hei als éischt emol e Recht op e würdegt Liewen. Wann en hei seng Demande gestallt huet, kritt e sozial Leeschtungen, e kritt e Logement. En huet och d'Recht op en Täschegeld, e kritt medezinesch Hëllef an seng Kanner kënne zu Lëtzebuerg an d'Schoul goen. En plus huet en e Recht op en Affekot, d'Assistance juridique, fir en a senger Prozedur ze begleeden. Deen Affekot, deen ass och beim Gespréich dobäi, wou sän Dossier virgestallt gëtt. Während der Prozedur muss hien hei am Land bleiwen.

### Wat fir eng Flichten huet en Demandeur d'asile?

Dat Allerwichtigst ass, dass hie muss mat den Autoritéite kooperéieren an do virun allem hei mat de Leit vun der Immigratioun. E muss och eng Adresse hunn hei am Land. An e muss och all Mount zur Verfügung stoen, fir dass seng Attestation de demandeur d'asile verlängert gëtt, déi ass ëmmer nëmme fir e Mount gültig.

### Wat muss eng Persoun aus dem Ausland (net EU) maachen, wann si sech gären hei am Land bestuet?

D'Persoun aus dem Ausland muss d'Conditione vun engem Sejour vu maximal 3 Méint erfëllen a muss sech och an deenen 3 Méint bestueden. Deen anere

Partner muss an enger Gemeng ugemellt sinn. Mir als Ausseministère sinn am Fong net zoustänneg fir d'Leit ze bestueden oder ze scheeden. Um Site [www.guichet.lu](http://www.guichet.lu) kréien d'Leit dann d'Informatiounen, wat se brauche fir sech ze bestueden. Dat hänkt dann och vun der Nationalitéit of. All Land huet seng Legislatioun iwwer déi Konditiounen, déi mussen erfëllt ginn. Hei am Land hu mir jo lo e Gesetz, wou och zwou Fraen sech kënne bestueden oder zwee Männer, dat gëtt et a ganz villen anere Länner net, an dofir déi Komplexitéit, déi do besteet, dat hänkt vill vun der nationaler Legislatioun dann of.

### Wat sinn d'Konditiounen fir eng Carte bleue ze kréien?

D'Carte bleue ass eng spezifesch Directive vun der Europäescher Unioun an dat ass fir d'Travailleurs hautement qualifiés. Dat si Leit, déi 3 Joer Uni gemaach hunn, déi 6 Joer Beruffserfahrung hunn an déi och leider e gewëssene Loun hunn. Hei zu Lëtzebuerg ass dat e Salaire vu 5700 Euro de Mount. Dat ass d'Konditioun, wéi se fixéiert ass an der Directive.

### Kann een ouni Carte Bleue och heihinner schaffen kommen?

Jo, et gi Méiglechkeete fir op Lëtzebuerg schaffen ze kommen. Et gëtt den Travailleur salarié, deen de Mindestloun verdéngt, dat ass jo d'Gesetz, dass een net duerf

manner verdénge wéi de Mindestloun. Et gëtt och den Travailleur indépendant, deen net lounofhängeg ass, mee sech selwer etabléiert. Op [www.mae.lu](http://www.mae.lu) fënnt ee sämtlech Informatiounen, fir déi verschidde Konditiounen a Situatiounen anzestufen.

### Kann een eng Persoun invitierere fir op Lëtzebuerg ze kommen?

Jo, am Cader vun enger Visite familiale, mee selbstverständlech awer net zwee Joer. De Visa ass ëmmer nëmme fir 3 Méint an enger Zäitspan vu 6 Méint, wou ee kann heihinner kommen. Mat engem Schengen-Visa kann een an de Schengen-Länner circuléieren.

### Ass et egal, aus wéi enger sozialer Klass deen ass, deen invitéiert?

Wann dir eng Persoun zum Beispill aus Australien invitéiert, da musst dir eng Prise en charge fir dee maachen. Dat heescht, dir engagéiert iech, fir dass deen hei zu Lëtzebuerg dignement ka liewe während deenen 3 Méint. An da musst der oppassen, dat Engagement ass zwee Joer laang valabel, wann hien net heemgeet, da sidd dir zwee Joer laang an der Flicht. Wann hien net fortgeet no 3 Méint an e verstoppt sech hei, da bleift dir responsabel iwwert hien.

### Wat sinn dann do d'Konsequenzen?

Wa mir missten deejéinegen zeréckféieren an do géife Käschten entstoen, da géife



mir op de Garant zeréckgräifen, fir déi Käschten ze decken. Dir musst och dann deem de Retour bezuelen, d'Käschte vun der Santé, déi net duerch eng Assurance couvériert wäeren, déi muss dann de Garant ophuelen.

### Wann eng Persoun da géif stroffälleg hei ginn?

Do geet awer net deen an de Prisong, deen d'Prise en charge mécht.

### Wann awer elo ee wëll fir zwou Wochen an d'Vakanz kommen, dee brauch awer kee Visa vun 3 Méint?

Dir kritt ëmmer nëmme e Visa fir maximal 3 Méint. Et kann een esoulaang bleiwen, wéi de Visa gültig ass. Och wann ee bestuet soll ginn, ass de Visa 3 Méint gëlteg. Wann een an där Zäit bestuet ass, d'äerf een hei bleiwen. Mee et muss awer e serieuxt Bestiednes sinn, kee Mariage fictif, wéi se soen.

### Dierf déi Persoun, déi invitéiert ass, sech eng Aarbecht sichen?

Do ass et esou, si muss virun eng Autorisation de travail hunn. Si muss d'Autorisation de travail an hirem Land froen, wann si fortgeet, esou wéi dat och bei den Autorisations de séjour gemaach muss ginn.

### Dierfen d'Asylanten hei schaffen?

Wann si d'Demande gemaach hunn, dierfen se mol fir d'éischt 9 Méint net schaffen. No 9 Méint, wann do Aarbechtsplaze fräi sinn, a si bei der ADEM gemellt sinn, da kënne se och hei schaffen. Dat heescht Autorisation d'occupation temporaire. Wann d'Prozedur eriwweert ass, ass den Aarbechtskontrakt och eriwweert.

### Wéi kann dat sinn, dass schoufflichteg Kanner ausgewise ginn?

Et komme jo och vill Familljen, déi hir Kanner matbréngen, zemoos aus dem Balkan. De Ministère decidéiert iwwert hir Demande de protection internationale. Wann d'Leit ee Recours géint d'Decisioun vum Ministère maachen, da mussen d'Riichter iwwerpräiwen, ob déi richtig war. An déi meescht Familljen sinn aus dem Kosovo a Montenegro a Mazedonien, dat si jo lauter Länner, déi elo mat der Europäescher Unioun am Gaang sinn, fir opgeholl ze ginn. Do ass dat net wéi wann se elo géifen aus Syrien kommen. Dat heescht, si si wuel fortgaangen, well se keng Aarbecht do fannen, well se do net kënne hiert Liewe maachen, mee et si keng Flüchtlingen am Sënn vun der Konventioun vu Genève, déi ganz kloer seet, et muss ee verfollegt sinn wéint senger Rass, wéint senger Religioun an sou weider. An dat sinn si net. Da kréien se vun äis nach ugebueden, fir kënne zeréck an hiert Land ze goen. Dat ass deen einfache Wee. Da gëtt et déi, déi dat net wëllen, an déi bleiwen dann hei. An d'Kanner ginn da weider an d'Schoul. An da kënnt sou eng ganz schwierig Situatioun, wéi mir der elo hate virun e puer Méint. Dat ass natierlech eng dramatesch Situatioun, mee d'Famillje wëssen, dass se mussen zeréck. D'Kanner wëssen et heiansdo guer net. Et si schwéier Fäll. Dofir versiche mir elo, dass Kanner, déi 4 Joer hei an der Schoul sinn, kënne mat hire Famillje bleiwen.

### Wéi vill Demande d'asyle ginn hei am Land gemaach?

Mir haten d'lescht Joer 1091 Demandeurs de protection internationale. Dat Joer vir-

drun 1070 Persounen, an déi Joeren vir-drin hate mir e groussen Afflux aus de Balkanlänner, do ware mir op iwwer 2000 Demanden.

### Wat mussen d'Asylante maachen, fir hei kënne ze bleiwen?

Wann si d'Protection internationale kréien, da sinn et Leit wéi mir, da sinn se hei, an da kënne se och bleiwen.

### Wëssen si vun Ufank un, dass si nëmme zäitbedéngt hei sinn oder net?

Jo. Si ginn ëmmer informéiert vun eise Leit. Si mussen sech jo och regelméisseg an engem Büro presentéieren. Do kréien si da gesot a wéi engem Stadium hir Prozedur ass, a wann se ofgelaf ass, dass en se da mussen heemgoen. Dat ass awer net nëmme zu Lëtzebuerg esou, dat ass iwwerall. Stellt iech vir, mir géifen zu Lëtzebuerg soen, et bräicht kee méi heemzuegoen, dann hätte mir keng Asylpolitik, dat géife mir jo net packen. Mir hu jo elo och decidéiert, fir Leit aus Syrien opzehuelen. Ech war virgëschter am Irak. Do gesäit een, dat si wierklech Flüchtlingen, déi do fortlafen. Déi lafe virun de Bomben an de Kanoune fort. .t ass net elo wéi am Kosovo oder a Montenegro, wou se aus economesche Grënn fortginn. Mee mir haten nach ni esou vill Flüchtlingen op der Welt ewéi elo. Et si wäit iwwer 50 Milliounen. A Syrien ass dee gréisste Problem vun de Flüchtlingen, deen et nom 2. Weltkrich ginn ass.

### Här Ausseminister, Merci fir d'Gespréich an dass dir eis empfangen hutt.





# Zana

*Bonjour, je m'appelle Zana Alomerovic, j'ai 22 ans. Je fais des études d'assistante sociale à Arlon.*

Actuellement je suis en 2e année et je fais un stage de 3 mois à la Stëmm vun der Strooss. Quand j'ai commencé, j'avais quelques incertitudes, parce que je n'avais pas travaillé auparavant avec des adultes à risque d'exclusion sociale. Pourtant, à partir des premiers instants je me suis sentie très à l'aise. Avec chaque jour passé de plus à la Stëmm, le travail/le stage me plaisait davantage. En tant que stagiaire j'ai pu travailler dans une équipe très chouette et accueillante.

Tout au long de mon stage, j'ai été principalement encadrée par l'assistante sociale Charlotte Marx.

J'ai pu participer à toutes activités, comme par exemple aider dans la Kleederstuff, ou derrière le comptoir. Tous les jours à partir de 11 heures 30, j'ai été à l'accueil où je vendais des tickets (repas + boissons), je remplissais les bons pour les douches, la buanderie ou la Kleederstuff. A côté de cela, j'essayais de rester attentive et à l'écoute des gens et donc de répondre à toutes autres questions qu'ils pourraient avoir. Pendant ce temps passé à l'accueil j'ai pu connaître énormément des gens formidables en discutant avec eux ; des gens se trouvant dans des situations difficiles où une discussion et

une écoute active peuvent parfois les soulager un peu.

Dans des situations où je ne savais pas quoi ou comment répondre je demandais toujours

énormément de choses et avoir beaucoup d'expériences. J'ai eu l'occasion d'assister à de nombreux entretiens, et même d'en mener quelques-uns, d'observer en quoi

En général, je pense que c'est un travail où la patience est importante, mais où il ne faut jamais perdre le sourire, malgré les situations difficiles qu'il peut y avoir. A mon avis un



quelqu'un de l'équipe pour se rassurer. Ceux-ci étaient toujours disponibles pour répondre à toutes mes questions ou interpellations et pour m'expliquer ce que je n'avais pas compris.

J'ai également pu participer tous les lundis à la réunion, ce qui était très chouette et très enrichissant pour moi.

En ce qui concerne le travail social de mon encadrante Charlotte Marx, j'ai pu apprendre

consiste son travail et de faire beaucoup de démarches toujours en venant à l'aide aux bénéficiaires. Comme par exemple, contacter des services externes et préparer des courriers, ou remplir avec les bénéficiaires des formulaires / documents s'ils n'y arrivent pas, réorienter, expliquer les démarches par exemple comment procéder pour faire une demande auprès du Fonds du Logement, etc. Je dois dire que j'admire le travail qui est fait ici à la Stëmm tous les jours.

sourire peut des fois embellir la journée de quelqu'un d'autre. Enfin, je peux juste remercier Charlotte Marx et toute l'équipe (William Anstett, Jill Jucken et Michel Hoffmann), de m'avoir donné cette opportunité de réaliser mon stage auprès de la Stëmm. Je sortirai de ce stage avec de très bons souvenirs, en ayant appris plein de choses et en ayant enrichi ma connaissance et mon savoir-faire social.

# Douches



Je m'appelle Carlos, j'ai 41 ans, je suis célibataire et je suis moitié portugais et moitié luxembourgeois. Mes tâches sont de contrôler les présences aux douches, d'emmener les gens en haut et de leur donner shampoing, gel douche, dentifrice, brosse à dent, mousse à raser, gilettes, serviettes de bain, gant de toilette...D'ouvrir la porte des douches, de vérifier si la douche est propre et de les nettoyer si nécessaire. Je dois veiller à l'hygiène. Je veille aussi sur les toilettes, je re-

garde s'il y a du papier, si elles sont propres. Les horaires pour que les gens viennent se doucher sont de 12h30 à 15h00 du lundi au vendredi. Mais l'heure de clôture peut s'étendre jusqu'à 16h00, cela dépend du nombre de client qui veulent prendre une douche et de la durée que chaque client passe dedans. Naturellement les clients par jour sont comptés, sinon on ne finirait pas dans les temps. Pour avoir le nécessaire pour la douche, gant de toilette etc, les gens reçoivent un bon

qu'ils vont faire valoir en haut à la Kleederstuff. Ils reçoivent aussi tous les jours des sous-vêtements et des chaussettes. Après une bonne douche, ça fait du bien d'avoir des vêtements propres, dont s'occupe nos deux autres services, la buanderie et la Kleederstuff dont on vous parlera aussi dans ce numéro. Quelquefois on a même du parfum, des déodorants et des crèmes etc, que nous donnons aux clients.

Angel





# Interview mam Dr. Stëmm

## Dr. Streef, kéint Dir lech kuerz virstellen.

*Dr. Stëmm:* Ech sinn de Claude Streef, hunn 49 Joer, ech si vu Basisformatioun Anästhesist. Ech hu 15 Joer am Beruff geschafft an duerno sinn ech bei de Staat gewieselt an ech hunn Aarbechtsmedezin nogemaach. An ech si säit bal 14 Joer bei der Stëmm.

## Also sidd Dir vun Ufank u mat dobäi. Wéi ass d'Iddi opkomm, de Service Dr. Stëmm ze maachen?

*Dr. Stëmm:* Ech wollt ëmmer humanitär Saache maachen, an déi Zäit hat ech kleng Kanner, sou dass ech net wollt an d'Ausland goen, wou e gewësse Risiko do ass. Dunn hat ech eng Kéier e Reportage gesinn iwwert d'Stëmm. Ech sinn dohinner gaangen, an dat hat sech gutt getraff, well déi Zäit hat Dr. Stëmm just nach eng Doktesch, Dr. Garcia, an déi ass a Spuenien zrëckgaangen. Sou dass d'Stëmm dee Moment keen Dokter hat, wéi ech komm sinn. Sou ass dat gutt opgang an ech war och ganz laang den eenzege Dokter, deen dat gemaach huet.

## Vum Héieresoe weess ech, dass se am Ufank bei Dr. Stëmm mat der Camionnette ronderëm gefuer sinn. Wor dat bei d'Leit oder sinn déi op fest Punkte gaangen? A wéini huet sech etabliert, dass d'Leit eben an d'Stëmm komm sinn?

*Dr. Stëmm:* Also am Ufank war et esou, dass d'Leit mat enger aler Ambulanz op Treffpunkte vun de SDF (Red.: sans domicile fixe) gefuer waren. Dat war awer kee Succès, well d'Leit ni

do waren, wann d'Stëmm komm ass. Duerno ass d'Ambulanz du virun de Foyer Ulysse gefuer, wou d'Leit owes dann awer ze fanne waren. Dat huet och jorelaang geklappt. Gutt geklappt, bis de Foyer Ulysse seng eegen Dokterer hat, an dunn ass ons Präsenz do iwwerflësseg ginn. An du si mer mat der Ambulanz bei den ABRIGADO gefuer. Déi haten déi Zäit och keen Dokter, déi haten awer d'Lokalitéiten, sou dass d'Geschicht mat der Ambulanz iwwerflësseg ginn ass. Do hu mer ons

du vill ëm alles wat Toxicomanie betrëfft, gekëmmert. Do war et awer relativ geféierlech, do si mir selwer agresséiert ginn. An dunn hu mir domadder obgehalen. Doropshin hunn si och en Dokter bäikritt, sou dass ons Präsenz och net méi noutwenneg war. Mir hunn ons dunn op ons Basisaktivitéiten zrëckgezunn, d.h. d'Clientèle vun der Stëmm ze versueren, an dat hu mer an de Lokalitéite vun der Stëmm gemaach.

## Ech ka mech drun erënneren, zu Bouneweg wor et nach am Herr Schauss sengem Büro. Mëttlerweil si mer op Hollerech geplënnert. Wou mer hei och e gewësse Soin kënnen ubidden.

*Dr. Stëmm:* Et ass kloer, dass d'Aarbechtskonditioune weesentlech besser gi sinn.

## Wat fir eng Clientèle behandelt Dir hei?

*Dr. Stëmm:* Mir behandelen ouni Froen ze stelle wéi: vu wou kommt der, firwat sidd der hei, sinn är Pabeiren ok....., mir behandeln e puer Kategorie vu Leit. Dat eent sinn déi klassesch Lëtzebuerger Strummerten, déi awer eng Minoritéit duerstellen, mir behandle Leit, déi hei zu Lëtzebuerg eng Wunneng hunn, mee déi sozial ganz schlecht gestallt sinn, déi deelweis sech den Dokter net kënnen leeschten. Mir behandle vill portugisesch Leit, déi aus Portugal eriwuer komm sinn an dunn awer hei d'Aarbecht verluer hunn; hei och keng Rechter méi hunn, well se net schaffen an net cotiséieren. Mir behandle ganz vill Leit, déi illegal hei am Land

sinn, déi och keng Rechter hunn. An mir behandelen déi sougenannten "Romen".

## Dir hutt elo vu Leit geschwat, déi keng Rechter hunn... Wann elo eng kleng Behandlung usteet, dann ass dat jo an der Rei, wann se eng Gripp hunn a Dir verschreibt Antibiotiken, iwwerhuele mer d'Käschte vun den Medikamenter. Wann Dir dann elo konstatéiert, dass se méi e gravë Problem hunn, wou se wierklech missten an d'Klinik goen, wat geschitt da mat deene Leit?

*Dr. Stëmm:* Mir schécken se an d'Klinik, wann se mussen wierklech dréngend an onbedéngt eng Behandlung kréien, an dat mat der Bezuelung muss een dann duerno kucken. Well d'Behandlung an d'Gesondheet vun de Leit geet virun de Suen. Do muss ee wëssen, dass do och Méiglechkeete bestinn, fir sech awer rembourséieren ze loosse. An dann d'Stëmm iwwerhëlt jo och en Deel vun de Behandlungen bei gewësse Leit.

## Ärer Meenung no, ginn et vill Leit, déi vun de Gratissevicier hei profitéieren? Leit, déi effektiv bei en Hausdokter waren a Medikamenter opgeschriwwen kruten, déi da wëssen, bei der Stëmm do bezuelen se eis se. Mir gi lo mat der Ordonnance dohinner. Den Dr. Stëmm iwwerschrift se an da kréie mer déi Medikamenter fir näischt.

*Dr. Stëmm:* Jo, dat ass esou. Et kann e soen, datt wann d'Leit bei ons kommen, kréien se eng Ordonnance gemaach. An da gëtt entweder eng "Part patient" bezuelt vun der Stëmm, respektiv, wann d'Leit guer näischt hunn, da bezillt d'Stëmm dann d'Medikamenter. Et sinn och immens vill Leit, déi och eng Sécurité sociale hunn, déi kéinte bei den Office social goen, wou se géingen den Ënnerscheid bezuelt kréien, mee déi awer aus Commoditéit hei bei den Dr. Stëmm kommen. A mir sinn am Gaangen ze kucken, ob mer déi Phänomener net kënnen ofstellen.

## Wéi geet een un esou eppes erun?

*Dr. Stëmm:* De Problem ass, datt ganz kloer Abusen do sinn, well se bei hiren Hausdokter ginn, wou se Saachen opgeschriwwen kréien, an dann nach eng Kéier bei ons kommen, wou se déi nämmelech Saachen opgeschriwwen kréien. Dat ass Double emploi. An et gesäit ee jo och, ob d'Leit ugemellt sinn, wéi hir Adress ass, datt een déi

Leit dann opfuert bei hiren Hausdokter ze goen an och bei den Office social ze goen, a wann do net bezuelt gëtt, da kéint een dat en Charge huelen, dat ass dat eent. An dat zweet dat ass, et si Leit, déi komme mat sougenannten Conforts-Medikamenter, déi net onbedéngt noutwendeg sinn, fir eng Heelung erbäizeféieren, notamment Nuesesprayen, eppes géint Féiwer, Crèmen, Saachen, déi och net ganz vill kaschten. Datt een dee Moment dat och net méi sou en Charge hëlt, wéi een dat en Charge geholl huet.



## Wat mir opgefall ass, et komme ganz vill Leit bei ons, déi d'Zänn wéi hunn. Ech war eng Kéier op Visite am Centre de rétention. An déi hunn effektiv eng Praxis fir Zänn Dokter. Zännwéi ass eng vun deene schlëmmste Péngen, déi ech kennen. Leit, déi effektiv op der Strooss sinn an déi richtig Zännwéi hunn, u wee kënnen se sech dann do wenden? Wat kënnen mir hinnen do soen? „Gitt an d'Klinik!“

*Dr. Stëmm:* Mir hu keng Léisung fir Leit, déi Zännwéi hunn. Dat ass scho säit 15 Joer e Problem. Mir hu keng Zänn Dokterer, déi bereet sinn, sech gratis oder fir ganz wéineg Suen ëm déi Leit do ze këmmere. Nëmme vu basis Soinen schwätzen ech elo, keng grouss Saachen. Zännwéi ass eppes, wat ganz schlëmm ass, wat ganz vill wéi deet. Et geet nach méi wäit, duerch infizéiert Zänn kann ee stierwen. Dat heescht, et wär net schlecht, wann een do en Zänn Dokter hätt, dee géing d'Stëmm vun der Strooss ënnerstetzen. Mä obscho mer all Weeër ausprobéiert hunn, Appellen iwwert Doktergewerkschaften, Appellen an de Kliniken, Zänn Dokterer selwer ugeschriwwen, hu mer bis elo kee fonnt, dee bereet ass



sech dorëms ze këmmen. Dat ass e ganz grouse Problem. Mir kënnen eppes géint d'Péng ginn, Antibiotike ginn, mee de Fong vum Problem kréie mer net geléist. Sämt 15 Joer, wou ech dobäi sinn, hu mer nach keng Léisung fonnt.

**Vläicht kënnen mer jo e klengen Appel dobausse maachen, mat dësem Interview, vläicht liest jo een Zännokter et, dee bereet ass, dat ze maachen. Firwat kommen déi meeschte Leit hei bei lech?**

**Dr. Stëmm:** Dat ass ganz verschidden. Dat ass och seasonsbedéngt. Am Hierscht an am Wanter hu mer méi Infektiounen op de Longen, well d'Leit dann dobausse schlofen, an déi Leit fëmmen och ganz vill, wat nach zu den Infektiounen op de Longe bäidréit. A mir hunn am Wanter och ganz vill Problemer mat de Féiss. Well se mat den naasse Schong schlofen, well d'Féiss am Fong ni beléft ginn an do si ganz séier Pilzen, déi entstinn, an nach méi schlëmm Pathologien.

Mee et hänt och vu Seance zu Seance of. Mee normalerweis ass bis zu 85 – 90 % normal Hausdokteschmedizin dobäi. Wat d'Leit dobaussen och hunn. Pilz un de Féiss, den Hals entzünd, eng Gripp, de Réck wéi. Déi ganz Pathologie, déi een dobausse begéint. A wat mer nach des öftere gesinn, dat si psychiatresch Leit, déi duerch d'Netz duerchgefall sinn, d.h. déi kee soziale Lien hunn, keng Famill, keng Frënn, déi sech ëm si këmmen, dann hir Behandlung ophalen an dann an den Delirium erakommen.

**Kënnt Dir deene Leit hëllef. Duerft Dir hinnen Tranquilizer oder Benzoen verschreiwen?**

**Dr. Stëmm:** Mir däreffe verschreiwen, mee d Politik vun der Stëmm ass ganz kloer. Et gi keng Benzoen, keng Tranquilizer opgeschriwwen, well mer eben net hei wëllen e Verdeelungsautomat fir d'Toxicomane sinn. Sou datt d'Politik vun der Stëmm ganz streng ass. Keng Benzo, keng Tranquilizer, kee Codein. Dann ass et awer esou, datt mer heiansdo bei onse richtege psychiatresche Patienten awer mol "Neuroleptiken dépot" selwer sprëtzen. Oder respektiv opschreiwen. Mir kennen déi Leit awer scho laang a mir suivéieren déi och scho laang. A well dat dann och Produite sinn, mat denen een net kann handelen.

**Selwer sprëtzen?**

**Dr. Stëmm:** Mir maachen eng Ordonnance, si ginn se sichen an dann sprëtze mir hinnen dat, mee dat ass scho laang net méi virkomm.

**Zu wi vill Doktere schafft dir?**

**Dr. Stëmm:** Mir sinn am Moment zu vill Dokteren an der Stëmm. Dr. Streff, Dr. Kutter, Dr. Perez, Dr. Matos, Dr. Schäfer an da kënnt nach den Dr. Berchem bäi, sou datt mer eng deck hallef Doze sinn. Mee et war och zäiteweis, also jorelaang, wou ech ganz eleng war. Dat si sou Héichten an Déiften, sou Schwankungen.

**Ginn et Patienten, déi Dir refuséiert ze behandelen?**

**Dr. Stëmm:** Jo, dat kënnt regelméisseg vir. Mir hu Leit, déi wierklech abusiv Demanden hunn, an déi dat och net agesinn, an do héiert d'Collaboratioun dann och op.

**Gouff Dir scho vu Patiente menacéiert, well si bestëmmte Medikamenter wollten hunn?**

**Dr. Stëmm:** Nee, dat hu mer net. Well d'Leit och wëssen, dass se net nëmmen den Dr. Stëmm verléieren, mee de ganzen Accès op d'Stëmm. D.h. dat geet awer ziviliséiert of. Et huet een natierlech Problemer mat de psychiatresche Patienten, déi villes souwisou net verstinn, dat duerch hir Krankheet bedéngt ass. An da kënnt et natierlech regelméisseg vir, dass d'Leit gesot kréien, du gees elo net méi bei den Dokter, well se einfach iwverdreiw. Wou et méi geféierlech wor, dat war effektiv am Drop-Inn, do hat eng Begleedung eng op de Bak kritt. Do stoung een zäiteweis matten an de Kläppereien. Well d'Leit am Gank da gewaart hunn, an sech dann do zerschloen hunn, da stoungs de mattendran. Do ass een och emol agresséiert ginn, an et war och mei geféierlech.

**Wat d'Material ugeet, fir d'Leit ze behandelen. Huet Stëmm do e Stock oder bréngt Dir dat mat. Fir z.B. de Bluttdrock ze moossen..**

**Dr. Stëmm:** D'Stëmm huet an d'Material investéiert. D'Raimlechkeeten, souwéi all Dokteschmaterial wéi Bluttdrockmiesser, wéi den Apparat fir an d'Oueren ze kucken, wéi eng Brëtsch, do huet d'Stëmm dran investéiert. An d'Konditiounen sinn exzellent muss ee soen. A fir d'Zukunft ass virgesinn, dass een dat informatiséiert, dass mir en informatesch Dossier fir d'Patiente kréien. Informatik, déi op Grond vun den Dokteren installéiert sinn, an op Grond vun der Ënnerstëtzung vun deenen



hire Firmen, kann d'Stëmm dat dann och elo implementéieren, datt een och informatesch um Stand ass. Mat Internetkonnektioun a mat engem Drucker. An dat ass scho wierklech eng grouss Erlicherung fir déi Dokteren, déi do schaffen

**Haalt Dir et fir noutwendeg, dass e Service, wéi den Dr. Stëmm all Dag muss offréiert ginn oder geet eemol an der Woch duer?**

**Dr. Stëmm:** Nee, all Dag muss net offréiert ginn, dat ass sécherlech abusiv. well duerch eng Offer kreéiert een eng Demande, dat ass net gutt. De Besoin ass net esou grouss. Par conter, wou ee fir d'Zukunft sech ka Gedanke maachen, dat ass en "Joint venture" fir eventuell an der Wanteraktioun ze hëllef, fir eventuell mat der Croix Rouge ze hëllef, well ech weess, datt déi och Doktere sichen. Fir no de Prostituéierten ze kucken, déi hunn och Lokalitéiten. Vu datt mir elo relativ vill Dokteren hunn, an si der net genuch hunn, ass dat vläicht eng Iddi, fir dohinner ze goen.

Flanter

# Waschen, schneiden, legen

Seit Anfang diesen Jahres gibt es in der Stëmm in Hollerich auch einen kostenlosen Friseurservice. Dieser Service wird von zwei ehrenamtlichen Friseurinnen angeboten und ist ausschließlich für die „Kunden“ der Stëmm von der Strooss, die Leute also, die sich einen regulären Friseurbesuch nicht leisten können. Momentan wird „nur“ das Haarschneiden angeboten. Kein Haare färben, oder sonstiges. Es wird zwar darüber nachgedacht, aber momentan ist es leider sowohl aus Platz-als auch aus Zeitmangel nicht möglich. Diesen Service gibt es jeden Montag ab 13 Uhr. Da die Plätze begrenzt sind, sollte man sich immer bis spätestens Donnerstags bei Jill, Misch oder William anmelden.

Patrick

# TTIP oder wohin mit Arbeitnehmerrechten?

*Was ist TTIP? Es ist das transatlantische Handelsabkommen zwischen den USA und Europa, andere Länder wie Kanada oder Japan werden auch beitreten. So weit so gut...?*

Nein, es wird nicht das goldene Zeitalter anbrechen, zumindest nicht für den normalen Sterblichen. Der wird wie gehabt die Zeche zahlen müssen. Was heißt das im Klartext? Höhere Arbeitsbelastung für die Arbeitnehmer, immer weniger soziale Absicherung wie Krankenkasse, Rentenversicherung oder ein immer schlechter werdendes Arbeitsrecht. All unsere sozialen Besitzstände werden mit der Zeit verschwinden, dies wird gerne verschwiegen oder gar weggelächelt.

Die Diskussion beschränkt sich eher auf Chlorhühnchen oder genmanipulierten Mais. Ich will hiermit nicht behaupten,

dass dies kein Problem darstellt, doch eine engstirnige Betrachtungsweise von TTIP bringt uns nicht weiter. Wenn der Bürger wie gehabt kuschelt, oder sich von den Versprechungen der Politiker ins Bockshorn jagen lässt, dann sehe ich schwarz für unsere Zukunft. Freuen können sich Konzerne über einen satten Reibach. Hoffentlich werden sie auf den Boden der Tatsachen fallen, zumindest dann, wenn unser Planet ausgeplündert ist, dann erkennen sie, dass man Geld nicht essen kann.....

Jm



# Kleederstuff

Vun Ufank un huet d'Stëmm seng eege Kleederstuff. Wéi mir elo am November 2013 geplënnert sinn, huet et mat sech bruecht, dass et zu gréisser Changementer komm ass. Hei kënnen d'Leit all zwou Wochen nei Kleeder kréien. Wéi mir nach zu Bouneweg waren, konnten d'Leit erop an d'Kleederstuff goen. Hei zu Hollerech hu mir eng Equipe vun 9 Leit, déi sech all Dag beméien, de Leit Kleeder erauszuesichen. Déi ganz Kleeder kréie mir duerch Spende vu private Leit. Si gi vun eiser Equipe aus der Kleederstuff sortéiert an no de Gréissten ageraumt. Déi Kleeder, déi mir net kënnen gebrauchen, gi mir da weider un d'Jongenheem an all Freideg féiere mir Kleeder an den Dropin.



13h30 13h45 14h00 14h15 14h30 14h45 15h00 15h15 1

## BON VESTIAIRE / KLEEDERSTUFF

CHARLOTTE MARX  
Assistante Sociale

WILLIAM ANSTETT  
Responsable du site

MICHEL HOFFMANN  
Pédagogue Diplômé

TABLEAU DU ...../...../20... L M M J V  
AIN BON DISPONIBLE LE ...../...../20....  
ne / M .....

THILO UMBACH  
Responsable Cuisine

STAGIAIRE

JILL JUCK  
Educatrice Gra

2 X	PULLOVER 1 X	T-SHIRT OU POLO 1 X	HOSE 1 X	HEMD 1 X	GÜRTEL 1 X	MÛTZE 1 X	HANDSCHUHE 1 X	PIJAMA

2 X	BH 2 X	BADETUCH 2 X	BADMANTEL 1 X	ROCK 2 X	MINI - ROCK 2 X	SCHAL 1 X	LEGGINS 2 X	CALECON

ARTICLES SUIVANTS DISPONIBLES 1 X PAR MOIS UNIQUEMENTS  
FOLGENDE ARTIKEL STEHEN NUR 1 X IM MONAT ZUR VERFÜGUNG

2 X	JOGGING 1 X	BETT ÜBERZUG 1 X	JACKE 1 X

VOUS ETES SERVIE PAR

JEAN - MARIE	JOSEE
LAURINDA	JORGE
ASTRID	
CHANTAL	

REMARQUE



# Service Buanderie

## Interview mat der Kleederstuff

**Kanns du dech kuerz virstellen w.e.g.?**

Mäin Numm ass Marie-Josée, sinn 52 Joer al, hunn 3 Kanner.

**Wéi laang schaffs du scho bei der Stëmm?**

Dése Mount ginn et 10 Méint, dass ech an der Stëmm sinn. Wéi bass du drop komm, fir bei d'Stëmm schaffen ze kommen? Meng 2 Schwestern hu schon an der Stëmm vun Esch geschafft. Ech war och heiansdo kucken, wéi dat do ass, an ech hunn dat schon interessant fonnt.

**Du hues och eng Demande gemaach.**

Dunn hunn ech mech ëmfrot, wéi ech och dohi kéint schaffe goen. Ech hunn dunn d'Chance kritt a konnt ee Mount probéieren, fir ze kucke wat d'Stëmm iwwerhaapt ass. Dat heescht, do hunn ech ee Mount geschafft, an et huet mir gutt gefall.

**An wéi engem Service schaffs du, an aus wat besteet deng Aarbecht?**

Meng Aarbecht besteet aus Kleeder. Mir sënneren d'Kleeder a mir kucken, wat gutt a schlecht ass. Da falen mir déi uerdentlech, an da ginn si no den Tailen an der Stellag verdeelt.

**Wéi kommt dir un d'Kleeder a wéi eng Kritäre setzt dir, fir d'Kleeder ze sortéieren?**

Wéi gesot, mir kucke wat gutt a wat schlecht ass, déi al Saachen, déi net méi esou in sinn, déi gi mir dann ewech. Déi kommen da weider op eng Statioun an d'Jongenheem. Déi kucken déi dann och nach eng Keier duerch, et gëtt näischt verhonzt, alles gëtt verbraucht, et ass fir all Alter dran. Mir hu vill Jonker a mëttlerem Alter, tëschent 40 a 50, esou Saachen hale mir, et ass fir jiddereen eppes do.

**Hues du och mat Clienten ze dinn, a wéi gesäit déi Aarbecht aus?**

Ech fänke mueres um hallwer néng un, sënneren d'Saachen, déi d'Leit eraginn, bis hallwer zwielef, da maache mir d'Stëmm op, um hallwer zwou zerwéire mir d'Clienten, dat heescht, mir kréien een Ziedel mat hirem Numm drop, mir ruffen si, da gi mir bei de Client, an da weist hien eis um Ziedel, wat hie brauch. A well si verschidde Sproochen hunn, hu mir esou Biller drop gemoolt, wat d'Kleederstuff ubidde kann. Esou kann een hinne verständlech maache wat si brauchen. Heiansdo ginn si mat hire Gréissten net richtig eens, mir mussen dann d'Leit ukucken, an da selwer erausfannen, wat fir eng Taille d'Leit hunn.

**A wann een dann eng gewëssen Zäit an der Kleederstuff geschafft huet...**

Dat muss een da scho gesinn...

**Wéi gefält et dir hei bei der Stëmm?**

Mir gefält et ganz gutt. Heiansdo komme Leit eran, da seet een „O mäi Gott!“, a wa mir da mat de Leit fäerdeg sinn, da seet een „ulalala!“, da sinn si ganz chic, da mierkt emol keen, dat si op der Strooss musse liewen. An déi Leit, déi op der Strooss liewen, déi kréien nach extrat Geschir, déi kréien och méi waarm Saachen, an déi sinn och méi zefridden. Si komme mat engem traurege Gesicht eran, a wa mir fäerdeg sinn, da si si glécklech, wéi mir och.

**Voilà**

Dofir mécht engem d'Aarbecht och Spaass. Egal wat fir eng Nationalitéit hei erakënn, wann ee seng Aarbecht gär mécht, da versteet een alles. Sou soll dat och sinn.

Zeckie ;)





## EQUIPE RÉDACTIONNELLE

Michel Hoffmann, Jm, eLKa, Zeckie, Skippy, Wouter, Patrick, Angel, Cocoon, Flanter, M

## PHOTOS

Stëmm vun der Strooss

## CORRECTION

Lëtzebuergesch Sprooch an Orthographie: Christiane Ehlinger an Sonia Thewes

## LAYOUT

thelen | werbeagentur  
www.thelen-werbeagentur.de

## IMPRESSION

weprint  
7A, rue de Bitbourg  
L-1273 LUXEMBOURG

## ABONNEMENT ET SOUTIEN

Vous pouvez soutenir nos actions en choisissant l'une de ces formules :

Abonnement journal + carte de membre : **20 €**

Abonnement journal : **15 €**

Carte de membre : **10 €**

en versant la somme correspondante sur le compte LU63 0019 2100 0888 3000 auprès de la BCEE

l'asbl Stëmm vun der Strooss disposant du statut d'utilité publique, les dons en notre faveur sont fiscalement déductibles des revenus nets, comme dépenses spéciales, si leur cumul est au moins égal à 120 euros par année d'imposition et dans la limite de 1.000.000 euros ou 20% du revenu imposable (loi modifiée du 4 décembre 1967).

## RÉDACTION

7, Rue de la Fonderie  
L-1531 Luxembourg  
Tél. (00352) 49 02 60  
Fax (00352) 49 02 63

redaktion@stemmvunderstrooss.com  
www.stemmvunderstrooss.com

Stëmm vun der Strooss asbl est conventionnée avec le Ministère de la Santé et travaille en étroite collaboration avec la Croix Rouge luxembourgeoise.

Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'opinion de l'association.

Parution cinq fois par an.  
Tirage 6000 exemplaires.



Rejoignez-nous sur facebook  
Join us on facebook  
Werde Mitglied auf facebook



### ▶ Stëmm vun der Strooss asbl

7, Rue de la Fonderie  
L-1531 Luxembourg  
Tél. (00352) 49 02 60  
Fax (00352) 49 02 63  
stemm@stemmvunderstrooss.com  
www.stemmvunderstrooss.com

LUXEMBOURG



ESCH SUR ALZETTE

32, Grand-Rue  
L-4132 Esch-sur-Alzette  
Tél. (00352) 26 54 22  
Fax (00352) 26 54 22 27  
esch@stemmvunderstrooss.com  
www.stemmvunderstrooss.com

